N°2219
Entrée le 15.05.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 2219 vum 14. Abrëll 2025 vum honorablen Deputéierten Jeff Engelen, Violence envers les chauffeurs de bus transfrontaliers**

Den éierwäerten Deputéierte gräift d'Thema vun der Sécherheet am ëffentlechen Transport op fir e puer Froen ze stellen, déi an der virechter Legislaturperiod och an der Fro Nummer 6943 an an der Fro Nummer 6040 thematiséiert gouf.

1. *Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi d'Fäll vun Iwwergrëff am ëffentlechen Transport vun 2022 – 2024 oplëscht an no verbalem a physesche Fäll souwéi Vandalismus regruppéiert?*


D'CFL-Agentinnen an Agenten hunn d'Méiglechkeet d'Deklaratiounen zanter 2024 iwwer eng App ze maachen. Dës App gouf och elo rezent den anere Bedreiwer zur Verfügung gestallt.

Et ass wichteg ze ënnersträichen, datt opgrond vun der Digitaliséierung vun den interne Rapporten, d'Deklaratiounsprozedur vereinfacht gouf, an doduerch d'Unzuel vun de deklaréierte Fäll statistesch beaflosst kéint sinn.


<u>Iwwergrëff op Agentinnen an Agente pro Operateur</u>

| Entreprises | AVL | | | CFL | | | Luxtram | | | RGTR | | | TICE | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Types agressions | 2022 | 2023 | 2024 | 2022 | 2023 | 2024 | 2022 | 2023 | 2024 | 2022 | 2023 | 2024 | 2022 | 2023 | 2024 |
| Agressions - Harcèlement (moral) | | 1 | | | 3 | 1 | 1 | | | | 1 | 2 | | | 1 |
| Agressions - Harcèlement (sexuel) | | 1 | | 2 | 4 | 2 | | | | | | | | | |
| Agressions physiques | 2 | | | | | | | 7 | | 2 | | | | | |
| Agressions physiques - Atteinte corporelle | 1 | 1 | 1 | 12 | 5 | 9 | | 1 | 2 | 2 | | 2 | 1 | | |
| Agressions physiques - coups avec blessure | | | | 5 | 7 | 9 | | | 1 | 3 | 6 | 3 | | 2 | |
| Agressions physiques - coups sans blessure | | 1 | 4 | 10 | 10 | 14 | | | 2 | 3 | 10 | 2 | | 1 | 4 |
| Agressions physiques - Crachat | | | 1 | 9 | 5 | 23 | | | 4 | 1 | 2 | 2 | | 2 | 2 |
| Agressions physiques - Rixe entre tierces personnes | | | 1 | | | | | | | | | | 1 | | |
| Agressions verbales - Insultes | 16 | 27 | 63 | 124 | 145 | 140 | 6 | 1 | 19 | 16 | 41 | 35 | 10 | 16 | 30 |
| Agressions verbales - Menaces | 2 | 4 | 4 | 6 | 10 | 17 | 2 | | 1 | 1 | 4 | 3 | 1 | 2 | 2 |
| Agressions verbales - Menaces à l'appui d'un objet | | | | | 3 | | 1 | | | | | 1 | | | |
| Autres agressions | | | | | | 1 | | 8 | 2 | | | 1 | | | |
| **Total** | **21** | **35** | **74** | **168** | **192** | **216** | **10** | **17** | **31** | **28** | **64** | **51** | **13** | **23** | **39** |

<u>Iwwergrëff op Agentinnen an Agente pro Typ</u>




<u>Gemellte Fäll vu Vandalismus pro Joer</u>




2. *Ginn déi ëffentlech Institutiounen an der Groussregioun un de Käschte fir d'Ausrüstung vun de Busser mat Sécherheetskabinne bedeelegt? Falls net, firwat net?*

   Vu datt d'Busser zu engem ganz groussen Undeel um Lëtzebuerger Territoire fueren, ginn d'Käschte vun den nationalen a grenziwwerschreidenden RGTR Buslinnen integral vum Mobilitéitsministère gedroen, dat begräift och d'Sécherheetskabinnen. All neie Bus muss eng Schutzwand oder Kabinn hunn. Eng Bedeelegung vun den ëffentlechen Institutiounen am Ausland ass, genee esou wéi eng Bedeelegung vun eise Gemengen zu Lëtzebuerg, net virgesinn.

3. *Wéi steet d'Madamm Minister zu der Méiglechkeet, op besonnesch geféierleche Strecke Sécherheetspersonal an de Bussen anzesetzen? Géif d'Madamm Minister gegeebenenfalls eng Demande un déi zoustänneg ëffentlech Institutiounen an der Groussregioun stellen, fir se un den Zousazkäschten ze bedeelegen?*

   An der Äntwert vun der parlamentarescher Fro Nr. 6040[1] vum 7. Abrëll 2022 zum Thema vun der Sécherheet vu Buschaufferinnen a Buschauffeur huet mäi Virgänger scho ganz gutt erkläert, wisou Begleetpersounen am Bus net sënnvoll sinn. Dorun huet sech näischt geännert.

4. *An der Äntwert op meng uewe genannte parlamentaresch Fro Nummer 6943 huet den deemolegen Här Verkéiersminister drop verwisen, datt den Tracé an den Horaire op eenzele Strecken an der franséischer Grenzregioun geännert goufen, fir op déi verännert Sécherheetslag ze reagéieren. Kann d'Madamm Minister den aktuelle Stand vun deene Moossname presentéieren?*

   Am Dezember 2022 sinn d'Tracéë vun de Linne 703 a 732 ugepasst ginn, fir d'Sécherheet vun all de Bedeelegten ze assuréieren. Aktuell ass net virgesi weider Mesuren ze applizéieren.

5. *An der Äntwert op meng uewe genannte parlamentaresch Fro Nummer 6943 huet den deemolegen Här Verkéiersminister drop verwisen, datt et dem Minister méiglech ass, eng Persoun, déi sech am ëffentlechen Transport donieft behëlt, den Zougang dozou wärend engem Zäitraum vu bis zu engem Joer ze verbidden. Kéint d'Madamm Minister sech virstellen am Fall vu Kierperverletzung géint Chaufferen, aner Passagéier a Vandalismus d'office vun där Moossnam Gebrauch ze maachen, fir e kloert Signal ze ginn, datt Gewalt am ëffentlechen Transport net toleréiert gëtt? Falls net, firwat net?*

   Esoubal de Ministère iwwer Virfäll vu verbalen Aggressiounen, Kierperverletzung géint d'Personal oder aner Passagéierinnen a Passagéier, Vandalismus, o.ä. vum Bedreiwer informéiert gëtt, gëtt den Dossier analyséiert an et kann uschléissend ee Verbuet ausgeschwat ginn.

   Dës Prozedur, inklusiv der Méiglechkeet vun der beschëllegter Persoun sech ze verteidegen, wéi et an engem demokratesche Rechtsstaat üblech ass, ass am Gesetz vum 19. Juni 2009[2] iwwer d'Sécherheet am ëffentlechen Transport beschriwwen.

Lëtzebuerg, de 15. Mee 2025
D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko Backes

[1] https://wdocs-pub.chd.lu/docs/exped/0129/188/259881.pdf
[2] https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2009/06/19/n3/jo